

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 24/06/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 84 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës dringend parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Landwirtschaft, Aarbecht & Gesondheet weiderzeleeden.

Lescht Woch gouf et an enger Fleischfabrik bei Gütersloh an Nordrhein-Westfalen ee gréisseren Ausbroch vu Covid-19. Wéi verschidden däitsch Medien berichten, solle ronn 1300 Mataarbechter sech mam Coronavirus infizéiert hunn a goufen ënner Quarantän gestallt (FAZ.de, 21.6.2020).

D'Plattform Spiegel.de schreift an engem Artikel vum 15te Juni 2020 iwwert méiglech Covid-19-Infektiounen duerch réie Saumon a China fest:

"Dabei scheint es aktuell eher wahrscheinlich, dass die Virenfunde auf dem Hackbrett darauf zurückzuführen sind, dass der Fischhändler oder einer der Verkäufer mit dem Virus infiziert war und die Hygieneregeln nicht beachtet hat. Wenn etwa derjenige, der den Lachs auf dem Brett zubereitet hat, mit Sars-CoV-2 infiziert war, könnten Viren auf das Schneidebrett und auf den Fisch gelangt sein. So wiederum könnten sich die Betroffenen infiziert haben."

Deemno kéint de Kontakt mat der Uewerfläch vu réie Liewensmëttel eng Source sinn, fir sech mam Covid-19 unzestiechen. Dëst implizéiert, datt d'Liewensmëttelchaïne, allem virun d'Aarbechter, déi an der Liewensmëttelkette mat frësche Wueren hantéieren, am Kader vun der Covid-19-Pandemie nach besser misste kontrolléiert ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Goufen déi zwee Schluechthaiser zu Wecker an zu Ettelbréck schonns op de Covid-19 getest?
2. Goufen et schonns positiv Covid-19-Fäll an de béide Schluechthaiser zu Lëtzebuerg?
3. Wéi eng Erkenntnisser besëtzt d'Regierung vis-à-vis vun Infektiounen iwwert réi Liewensmëttel?

4. Goufen an der Liewensmëttelchaîne vu frësche Liewensmëttel weider präventiv Moosnamen géint d'Verbreedung vum Coroinavirus decidéiert? Falls nee, gëtt dëst fir d'Zukunft envisagéiert?
5. Schaffen an de Schluechthaiser Aarbechter oder Saisonsaarbechter, déi hire feste Wunnsätz net zu Lëtzebuerg oder an der Groussregioun hunn? Falls dës Leit positiv op de Covid-19 getest ginn, ginn si dann an hir Heemecht zeréckgeschéckt oder kommen si heihinner a Quarantän? Falls se hei a Quarantän mussen, wou mussen dës Läit hin?

Mat déiwem Respekt,



GOERGEN Marc
Député

Le caractère urgent de la question a été reconnu (24.06.2020)





LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de la Viticulture et du
Développement rural

Dossier suivi par : M. André LOOS
Tél : 247-82530

REÇU
Par Alff Christian , 16:21, 29/06/2020

Réf.: 325/20

Monsieur Marc HANSEN
Ministre aux Relations avec le
Parlement

Service Central de Législation

LUXEMBOURG

Luxembourg, le 29 juin 2020

Objet: Question parlementaire urgente n°2433 de l'honorable Député Monsieur Marc Goergen

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir, en annexe, la réponse commune de Monsieur le Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural, de Monsieur le Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Economie sociale et solidaire et de Madame la Ministre de la Santé à la question parlementaire citée sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

Le Ministre de l'Agriculture,
de la Viticulture
et du Développement rural,


Romain SCHNEIDER

Réponse commune du Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural, du Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Economie sociale et solidaire et de Madame la Ministre de la Santé à la question parlementaire urgente n° 2433 de l'honorable député Monsieur Marc Goergen

- 1. Goufen déi zwee Schluechthaiser zu Wecker an zu Ettelbréck schonns op de Covid-19 getest ?**

Systematesch goufen déi 2 Schluechthaiser net op Covid-19 getest, mee Tester gi gemaach, wann ee Verdacht besteet. Doriwwer eraus ginn d'Ugestellten, egal ob Residents oder Grenzgänger, och opgefuerdert, beim large scale testing mat ze maachen, deen drop ausgeriicht ass, eventuell net symptomesch positiv Leit ze detektéieren.

- 2. Goufen et schonns positiv Covid-19-Fäll an de béide Schluechthaiser zu Lëtzebuerg ?**

Während et an engem vun deenen 2 Schluechthaiser nach kee Covid-19 Fall gouf, sinn an deem anere Schluechthaus 5 Fäll vu Covid-19 beim administrative Personal detektéiert ginn.

- 3. Wéi eng Erkenntnisser besëtzt d'Regierung vis-à-vis vun Infektiounen iwwert réi Liewensmëttel?**

Laut den aktuelle wëssenschaftlechen Erkenntnisser kann d'Infektioun vun enger Persoun duerch kontaminéiert Liewensmëttel iwwert de Verdauungstrakt ausgeschloss ginn, de Virus verbreet sech haaptsächlech vu Mënsch zu Mënsch iwwert d'Otemweeër.

- 4. Goufen an der Liewensmëttelchaïne vu frësche Liewensmëttel weider präventiv Moosname géint d'Verbreedung vum Coronavirus decidéiert? Falls nee, gëtt dëst fir d'Zukunft envisagéiert?**

Déi hygienesch Moosnamen am Liewensmëttelsecteur sinn scho ganz streng, fir eng Kontaminatioun vun de Liewensmëttel mat pathogene Bakterien a Viren ze verhënneren, an dës Measure goufe während dëser sanitärer Kris nach verstärkt, obschonn dass keen direkte Risiko fir d'ëffentlech Gesondheet duerch mam Coronavirus kontaminéiert Liewensmëttel besteet.

Sou ass an de Schluechthaiser d'Droe vu Masken vun Ufank vun der Kris un obligatoresch, an et gouf och op d'Anhale vun den Hygiènesregelen, wéi z.B. d'Wäschen an d'Desinfektioun vun den Hänn, dem Material an den Equipementer, insistéiert.

- 5. Schaffen an de Schluechthaiser Aarbechter oder Saisonsaarbechter, déi hire feste Wunnsätz net zu Lëtzebuerg oder an der Groussregioun hunn? Falls dës Leit positiv op de Covid-19 getest ginn, ginn si dann an hir Heemecht zeréckgeschéckt oder kommen si heihinner a Quarantän? Falls se hei a Quarantän mussen, wou mussen dës Leit hin?**

An eise Schluechthaiser schaffe Leit, déi entweder hire Wunnsätz hei zu Lëtzebuerg oder haaptsächlech an der Grenzregioun hunn. Falls eng Persoun positiv getest gouf, verbréngt se hir Quarantän an deem Land, wou se hire Wunnsätz huet.

Och wann an eise Schluechthaiser keng Saisonsaarbechter schaffen, sou gëtt et där awer an anere Secteuren, wéi dem Uebst- an Geméisbau souwéi och dem Wäibau. Fir eng Weiderverbreedung vum Virus iwwert dës Wee ze verhënneren, goufe vun den zoustännege Ministeren präventiv Moosnamen ausgeschafft, un déi sech Betriber sollen halen, falls si op Saisonsaarbechter zeréckgräifen. Des Präventiounsmoosname betreffen d'Teste vun de Persounen, ier se op Lëtzebuerg kommen, Informatiounskampagne betreffend d'Hygiènesregelen an deene verschiddene Sproochen an d'Méiglechkeet, een Aarbechter ze isoléieren, dee positiv getest gouf.
